ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. August 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Aarbechtsminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro vum 1. Juli 2021 (N°4595) zum Notze vum Lëtzebuergeschléiere bei der ADEM schreift den Här Aarbechtsminister, dass bei nëmme 35% vun den oppene Plazen, déi vum Aarbechtsamt vermëttelt ginn, Kenntnisser am Lëtzebuergesche verlaangt ginn. Dat heescht, dass bei 65 %, also ronn zwee Drëttel vun den oppene Plazen zu Lëtzebuerg, d'Sprooch vum Land net méi gefrot gëtt.

Och schreift den Här Minister, dass sech dës Statistik op den Zäitraum vum 1. Semester 2021 bezitt, an deem ronn 20.000 oppe Plaze bei der ADEM gemellt goufen.

An deem Kontext hunn ech eng Rei Froen un den Här Minister:

1) Ass den Här Minister net der Meenung, dass 35 % een immens niddrege Prozentsaz ass?
2) Ginn et an deem Sënn och Statistiken, déi méi al sinn, eventuell vun 2010, 2000 oder virdrun?
3) Kann den Här Minister preziséieren, wéi héich dee betreffende Prozentsaz engersäits fir oppe Plazen am ëffentlechen a konventionéierte Secteur an anerersäits fir oppe Plazen am private Secteur ass?
4) Wéi héich ass de Prozentsaz vun deenen anere Sproochen an de betreffende Statistiken?
5) Weiderhi schreift den Här Minister a senger Äntwert, dass an deene leschten dräi Schouljoere 7.000 sougenannt Bonge fir Sproochecoursen am Lëtzebuergesche vun der ADEM erausgi sinn, d.h. dass déi Aarbechtssichend d'Sproochecoursen zu engem Tarif réduit maache kënnen. Wéi vill vun dëse Bonge goufe benotzt?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup, Deputéierten